N°3003
Entrée le 08.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.10.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Oktober 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An der Sendung "Invité vun der Redaktioun" op RTL ass een de 7. Oktober 2025 gewuer ginn, dass et dëst Joer fir d'éischte Kéier zu enger physescher Aggressioun géint e jüddescht Kand an enger Primärschoul komm ass. En zéngjärege Schüler wier vu véier Matschüler ugegraff ginn. De President vun der RIAL asbl huet dee Virfall follgendermoosse beschriwwen:

*"Si hunn de Jong op de Buedem geheit, geschloen, gebass a gekraazt an du gesot: 'you are an Israeli crybaby', also, du bass een "israeelesche Pinscher (pinschen = kräischen).' Déi véier Schüler hunn e Migratiounshannergrond a si warscheinlech selwer traumatiséiert, vun dem wat si erlieft hunn, mee dat ass trotzdeem inakzeptabel."*

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister preziséieren, a wéi enger Primärschoul dës Aggressioun stattfonnt huet?
2) Wéini gouf de Ministère iwwer dëse Virfall informéiert?
3) Wei huet d'Schoul op dëse Virfall reagéiert?
4) Wéi huet den Här Minister op dëse Virfall reagéiert? Wéi eng konkret Moossname goufen ergraff?
5) Wéi eng Konsequenze goufen aus dësem Virfall gezunn?
6) Sinn dem Här Minister weider esou änlech Fäll bekannt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3003 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

1. **Kann den Här Minister preziséieren, a wéi enger Primärschoul dës Aggressioun stattfonnt huet?**

   Dee vum honorabelen Deputéierte genannte Virfall huet sech an der Grondschoul zu Sandweiler ofgespillt.

2. **Wéini gouf de Ministère iwwer dëse Virfall informéiert?**

   Den zoustännege Service vu mengem Ministère gouf nach den Dag selwer, also den 29. September 2025, iwwert de Virfall informéiert.

3. **Wéi huet d'Schoul op dëse Virfall reagéiert?**
4. **Wéi huet den Här Minister op dëse Virfall reagéiert? Wéi eng konkret Moossname goufen ergraff?**
5. **Wéi eng Konsequenze goufen aus dësem Virfall gezunn?**

   Ech verweisen op dëser Plaz op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2990.

6. **Sinn dem Här Minister weider esou änlech Fäll bekannt?**

   Nee, mir leien keng Informatiounen iwwert änlech Virfäll vir.

Lëtzebuerg, de 27. Oktober 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH